Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Membere vum Léierpersonal an eise Lycéeën, déi op Basis vun engem Meeschterbréif agestallt goufen, kënnen sech net op de Poste vun engem Direkter an engem stellvertriedenden Direkter bewerben, obwuel si an deem Sënn dacks wichteg Erfarungen als fréier Patrone matbréngen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi dës Decisioun motivéiert ass, besonnesch wou iwwert déi lescht Jore jo och schonn d'Privatiséierung vun den Direkteschplazen an den ëffentleche Schoulen diskutéiert gouf? Géif den Här Minister hei net eng Méiglechkeet gesi fir de Pool vu potenzielle Kandidate schoulintern ze erweideren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten